

Grondsazried

Nora Back, Presidentin vum OGBL

07.12.2019

Et gëllt dat geschwate Wuert.

Seul le discours prononcé fait foi.



Här Minister....

Léif Éieregäscht,

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Léif Frënn,

Léif Kongressdelegéierten,

Dir sidd dat iewescht Gremium vum OGBL. Dir sidd zu 500 hei am Sall. Dir decidéiert iwwer d'Programmatik vun der gréisster Gewerkschaft am Land. Dir sidd déijéineg, déi dem OGBL d'Richtung virginn, wou et soll higoen.

Dir sidd éierenamtlech Gewerkschaftler, déi mat Leidenschaft an Asaz weise wat Engagement heescht. An dir sidd haaptamtlech Gewerkschaftssekretären, déi den OGBL all Dag zum Funktionéiere bréngen.

Dir sidd nei, jonk Gewerkschaftler, déi motivéiert a voller Tatendrang weisen, datt d'Gewerkschaft eben net eppes Veraaltes ass. An dir sidd erfuere Gewerkschaftler, déi scho laang oder ganz laang dobäi sinn, nach am aktive Berufsliewen oder schonn an der Pensioun, déi den OGBL zu deem gemaach hu wat en haut ass: Déi éischt an déi stäerkst Gewerkschaft am Land!

Dir sidd aus alle Beruffer, aus allen ekonomesche Secteuren, vun ënnerschiddlechen Nationalitéiten, wunnt zu Lëtzebuerg oder an der Grenzregion, sidd jonk oder al, Männer oder Fraen.

Mir all zesummen kënnen eis den Erausfuerderunge vun der Zukunft stellen. Mir zesumme wäerten den OGBL weider no vir bréngen. Am Interesse vun alle schaffende Leit, Rentner an hire Famillen.

An ech weess ech kann am Numm vun eis alleguer schwätze wann ech soen, datt mir eis gëschter e gudden neien Nationalvirstand gewielt hunn. Ech si sécher, datt dësen Nationalvirstand an den nächste 6 Joer déi richteg Decisioune fir den OGBL wäert huelen.

An deen Nationalvirstand huet mech gëschter Owend zur Präsidentin gewielt. Dat ass en Ausdrock vu grousem Vertrauen a mech. Dir hutt mech gewielt fir den OGBL duerch déi nächst Joren ze féieren.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mäin allergréisste Merci fir äert Vertrauen! Et ass mir eng risen Éier är Präsidentin dierfen ze sinn.

Kënnen anzetriede fir d'gewerkschaftlech Interessen vun eise 70.000 Memberen.

Ech si mer der héijer Verantwortung déi dir mir gitt, vollstens bewosst.

Ech hu vill Respekt virun dëser neier Erausforderung.

Awer ech iwwehuele meng Verantwortung a maachen dat och gär a mat vollem Engagement.

An ech wäert wärend mengem Mandat alles - wat mir nëmme méiglech ass - maachen an ënnerhuelen, fir deen Opdrag, deen dir mir elo iwwerdroen hutt, z'erfëllen.

An deen Opdrag ass net einfach, déi lerschaft ass eng grouss Éier an eng grouss Verantwortung.

Ech iwwehuelen d'Féierung vun engem OGBL, deen ënnert dem John Castegnaro gebuer an opgewuess ass.

An deen ënnert dem Jean-Claude Reding ausgebaut a gewuess ass.

An deen déi lescht Joren ënnert dem Änder Roeltgen erwuessen a fit fir d'Zukunft gemaach ginn ass.

Ech selwer hat vun Ufank un eng enk Zesummenaarbecht mam Änder. Dat war eng gutt Zesummenaarbecht, och mat ville gewerkschaftlechen Erfolleger. Ech wëll dir haut e besonnesche Merci soen Änder.

Zesumme mat dausenden aktive Gewerkschaftler hunn de John, de Jean-Claude an den Änder, an deene leschte 40 Joer eng Gewerkschaft opgebaut, déi net méi aus dem betriblechen an aus dem sozial- a gesellschaftspolitesche Liewen hei zu Lëtzebuerg ewechzedenken ass.

Den OGBL ass entstan aus dem LAV, duerno ass d'Majoritéit vun der FEP dobäikomm, niewent Leit aus der Aleba, Deeler vum NHV, an der FGIL.

Mir hunn d'lescht Joer eise 40ste Gebuertsdag gefeiert. 40 Joer huet den OGBL Lëtzebuenger Sozialgeschichte geprägt.

Dat ass eng schwéier lerschaft, mä dat ass eng gutt lerschaft.

An dës gutt lerschaft, Kolleeginnen a Kolleegen, verlaangt dono, datt et op deem Wee weidergeet.

Dofir huet am OGBL d'Wuert Kontinuitéit ëmmer eng ganz héich Bedeitung gehat. An dat soll och esou bleiwen.

D'Kontinuitéit vun eise gewerkschaftlechen a mënschleche Wäerter.

D'Kontinuitéit vun eiser Eenheet an eisem solidareschen Zesummenhalt.

D'Kontinuitéit vun eiser programmatescher Linn a vun all deem wat mir gleewen.

Kontinuitéit heescht awer net Stëllstand.

Eis Gewerkschaft ass eng Bewegung, an eng Bewegung leeft duerch Verännerung.

Well grad esou wéi d'Gesellschaft, an hir ekonomesch a sozial Verhältnisser net stoe bleiwen, muss och d'Gewerkschaftsbewegung sech ëmmer erëm den neie Bedingungen upassen.

An an enger Welt vun der Vulgariséierung vun der Informatioun, wou d'geschriwwe Presse manner gelies gëtt, wou d'Leit déi sozial Netzwierker als hir Haaptnorichtequell gesinn, wou politesch Messagë sech oft just nach op „Klaatsch an Traatsch“ Niveau reduzéieren, wou den Donald Trump Präsident vun de United States ka ginn, hu mir als Gewerkschaften e wichtegen Opdrag.

Mir liewen duerch Inhalter. Mir kënnen nëmme schaffe mat reale Contenuen, duerch Informéieren a Sensibiliséieren vun de Mënschen op deene Sujeten, déi wierklech wichteg sinn. Duerch Wëssensverméttlung vun Inhalt mat Qualitéit.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir schaffen net mat Schlagwierder a „Sprücheklopferei“. Eis Kommunikatioun no baussen ass méi wéi jee vun enger enormer Bedeitung fir d'Weiderkomme vun der Gewerkschaft.

D'Opmierksamkeetsspan vun eis alleguer gëtt ëmmer méi kuerz.

Mir liewen an enger schnelligeweger Zäit, vum séiere Wandel. An duerfir müssen och mir eis weiderentwéckelen a moderniséieren.

An ech denken, mat enger Fra un der Spëtzt vum OGBL hu mer bewisen, datt den OGBL prett ass fir dee Wandel. Wann ee bedenkt, datt an de Statute vum OGBL iwverall op d'Weiblechkeetsform opgepasst ginn ass, just an deem Artikel, wou et ëm de Presidenteposte geet, ass keng virgesinn.

An duerfir sinn ech extra houfreg op eis, datt mer dat hei méiglech gemaach hunn. Fir d'Fraen am allgemengen. Fir de stännege Kampf fir Gläichheet tëscht Mann a Fra. An awer och fir ze weisen, datt mir als OGBL e Beispill kënnen si vun der moderner Welt.

Ech si frou iwver dës Entwécklung an onheemlech houfreg dierfen déi Persoun ze sinn.

Erlaabt mer awer nach drun ze erënneren, datt den OGBL net nëmmen seng Präsidentin ass. Den OGBL gëtt gefouert vun enger kollektiver Geschäftsféierung déi nei gewielt, gutt opgestallt ass fir d'Erausfuorderungen unzegoen. Den OGBL gëtt virugedriwwen vun deenen 118 Mataarbechter, déi all Dag am Interesse vun eis all schaffen. Den OGBL dat sinn déi dausende Personaldelegéierten, Pensionéierten, Militanten an déi iwwer 70.000 Memberen. Dat ass den OGBL.

Mir kënnen voller Houfert op eis Vergaangenheet kucken an och no fir kucken an eis soen d'Zukunft gehéiert eis.

Mir wëssen, datt Lëtzebuerg keng Insel ass. Mir fannen eis an engem internationale schwéiere Kontext erëm. Haut gi politesch Decisiounen souwuel hei zu Lëtzebuerg geholl, wéi och op europäeschem Niveau. An Europa stécht an enger Kris.

D'Sozialmodeller, déi sech historesch an den europäesche Länner opgebaut hunn, ginn zënter Joren ugegraff a Schrëtt fir Schrëtt demontéiert. D'Situatioun spëtzt sech ëmmer méi zou an et ass vill gesot ginn, et ass d'Europa vun der leschter Chance. Amplaz zesummen ze wuessen, driften d'Länner ëmmer méi auserneen. Amplaz Brécken ze bauen, gi Mauere gebaut.

Physesch, kulturell a psychologesch Grenze ginn erëm agefouert. Divergenzen an Interessekonflikter tëscht de Memberstaate féieren dozou, datt gemeinsam Projeten net weiderkommen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech soen iech, Griicheland hätt net dierfen eleng gelooss gi wéi et eleng gelooss ginn ass. Eng aner Politik wier méiglech gewiescht. D'Solidaritéit hätt vill méi grouss misse sinn tëscht den europäesche Länner.

D'Wirtschaftskris an déi uschléissend Austeritéitspolitik, d'Aarbechtslosigkeit, d'sozial Exklusioun, d'Klamm vum den Inegalitéiten, d'Angscht virum der Perspektivlosigkeit hunn eng Vertrauenskrise bei de Bierger vun Europa ausgeléist.

Wann dann d'Flüchtlingskrise, de Brexit, d'Angscht virum Terrorismus dobäi kommen, ass dat den Nährbuedem fir populistesch, nationalistesch a rassistesch Tendenzen.

Wann all Joer dausende Mënschen op der Flucht viru Krich an Aarmut am Mëttelmier erdrénken, an Europa näischt dogéint ënnerholl kritt,

wann an deene meeschten europäesche Länner e politesch Rietsruck besteet a rietsextrem Parteien a Politiker ëmmer méi Zousproch kréien,

wann zum Beispill an eisem Nopeschland Däitschland, d'AfD mat iwwer 20% gewielt gëtt a verschiddene Bundeslänner,

wann 1 vu 5 Jugendlechen am Duerchschnëtt an Europa arbeitslos ass,

dann hu mer eng Schiflag an Europa déi net méi weider hinzehuelen ass.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Do dobäi kënnt, datt d'gesellschaftlech Kräfteverhältnisser zënter Joerzénge eng Verschibung erliewen duerch déi wirtschaftlech a politesch Muecht vum Kapital.

Virun allem déi vu senger ausgeprägteste Form, déi vun de multinationalen an de Finanz- a Bankekonzerner.

Den europäeschen Integratiounsprozess, d'Zesummewuesse vun Europa, steet zënter Joren ënnert dem Zeeche vum wirtschaftspolitesche Liberalismus.

E wirtschaftspolitesche Liberalismus, dee just drop baséiert, d'Profiter ze verbesseren.

Op Käschte vun de schaffende Leit, op Käschte vun de Chancë fir d'Mënschen an Europa, op Käschte vun eiser Ëmwelt. Dat kann net esou weidergoen.

Dës Politik féiert zu näischt anescht wéi zu enger enormer Ëmverdeelung vun ënnen no uewen.

De Räichtum gëtt ëmmer méi konzentréiert op eng Minoritéit. D'Verméige wüsst iwwert de Wee vun Dividenden a Spekulatione méi séier wéi d'Realwirtschaft a wéi d'Léin.

D'Schiflag bei der Verdeelung vum gesellschaftleche Räichtum huet haut enorm Ausmoossen ugeholl, d'Ungläichheet an den Industrielänner ass op engem historeschen Héchststand ukomm, dee mat deem um Enn vum 19. Joerhonnert vergläichbar ass.

A villen europäesche Länner läit d'Zukunftsperspektiv vun der Jugend um Bueden.

Eng ëmmer méi grouss Schicht vu Bierger ass vu sozialer Aarmut betraff, d'Altersaarmut gräift ëmmer méi breet ëm sech.

D'Zuel vun de Leit, déi schlecht sozial verséichert sinn, wüsst, d'Léin an d'Kafkraaft sinn zeréckgaangen.

D'Privatiséierung an den Ofbau vun den ëffentlechen Déngschtleeschungen, Sozialleeschungen an den ëffentleche Sozialversécherungen, an d'Ugrëffer op d'Aarbechtsrechter, op d'Tarifrechter an op d'gewerkschaftlech Rechter a Fräiheeten am allgemenge sinn alles d'Facette vun där selwechter Medail.

En anert Beispill wou déi wirtschaftlech Ziler virun déi sozial gesat ginn, sinn d'Fräihandelsafkommen tëscht de Länner. Vum TTIP, iwwer Ceta bis zu Jefta, verstoppt sech oft hannert den Investitiouns- an Handelsafkommen d'Gefor d' Aarbechts-, d'Sozial-, d'Ëmwelt-, d'Daten- an d'Verbraucherschutzgesetz z'ënnerwandern.

D'EU leeft net nëmme vun der Exportwirtschaft, si leeft virun allem vun hirem eegene Bannemaart.

Dofir musse mer de Bannemaart notzen.

Dofir brauche mer fir d'Haushalter d'Erhuelung an d'Verbesserung vun hirer Kafkraaft.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir brauchen uerdentlech Paien, Pensiounen, a Sozialleeschungen.

A mir brauche breet ëffentlech Investitiounsprogrammer.

Mir brauchen eng europäesch Investitiounspolitik déi den Numm verdéngt!

Dat ass de Wee fir d'Zukunft vun Europa.

A mir wëssen, datt Lëtzebuerg keng Insel ass. Mir kennen d'Noutwendegkeet mat den internationale Gewerkschaften zesummen ze schaffen. Duerfir féiert kee Wee laanscht e staarken EGB.

Den OGBL wäert um nationale wéi um internationale Plang mam EGB alles ënnerhuelen, d'Prioritéit erëm richteg ze setzen. For the many, not for the few. Vir déi vill, net fir déi iewescht 1 %. Mir brauchen e soziaalt Europa, a mir brauchen et elo.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir hunn all eng besser europäesch Unioun verdéngt fir d'Bierger an déi schaffend Leit an hir Famillen. Europa muss endlech méi gerecht a sozial ginn!

Ongläichheete mussen ofgebaut ginn an et muss zu méi sozialem Zesummenhalt kommen.

Mir fuerderen d'Regierung vum de Länner op, hir Politik erëm op Wäerter opzebauen: Gläichheet, sozialen Zesummenhalt, Solidaritéit, Gerechtegkeet, Mënschlechkeet, Toleranz, Fridden an Demokratie. Sou muss Europa ausgesinn!

An an deem Sënn huet den OGBL seng Programmatik op dem europäesche Plang opgestallt: géint de Loun- an de Sozialdumping, fir besser Léin an Europa, fir en europäesche Mindestloun, fir d'Ratifizéierung vun den OIT Konventiounen, fir méi gewerkschaftlech- a Matbestëmmungsrechter, fir d'Verdeedegung vun de Rechter vun de schaffende Leit, fir eng koordinéiert europäesch Industriepolitik, géint weider Oprëschtung, fir eng Zukunft ouni Angscht.

Kolleginnen a Kollegen,

Iwwer Zukunft kënnen mer nëmme schwätze wa mer och eng Plaz hunn, wou mer dës Zukunft kënnen liewen. An dës Plaz, eise Planéit, eise Buedem, eis Loft an eist Waasser si mer am gaange massiv ze zerstéieren.

D'Äerderwärmung ass e reale Problem, mat reale Konsequenzen.

A mir hu keng Zäit méi.

Dëst Joer gouf mat 40,8 Grad zu Steesel de 27. Juli den absolutten Temperaturrekord fir Lëtzebuerg gebrach.

Den 10. August gouf et en Tornado, dee vill Haiser zu Péiteng an zu Käerjeng zerstéiert huet.

Glécklecherweis, a wéi duerch e Wonner, ass dobäi keen em d'Liewe komm.

A wat ee fir Lëtzebuerg ka soen, gëllt fir d'ganz Welt.

An dat an engem ganz aneren Ausmooss. Hei geet et em d'Existenz vu Milliounen vu Leit.

Iwwerall huelen extrem Wiederevenementer zou. Mir wëssen, datt déi lescht 5 Joer am Welt-Duerchschnitt déi wärmsten an deene leschten 200 Joer waren.

Ee Beispill vun der Äerderwärmung ass d'Schmëlze vum Äis.

D'Äis um Nordpol ass zënter 1980 vu 7,9 Milliounen km² op 4,2 Milliounen km² geschrumpft, dat ass bal em d'Hallschent.

Vun den Hëtztwelle bis zu de kriminelle Bränn vum Amazonas, all déi extrem Wiederkonditiounen mat deene mer konfrontéiert sinn an nach wäerten an der Zukunft konfrontéiert ginn, hunn en direkten Afloss op d'Liewe vun de Mënschen op eisem Planéit.

Och ekonomesch huet de Klimawandel Konsequenzen. Dat gesäit een zum Beispill um Secteur vun den Assurancen. Déi hunn eleng am Joer 2018, 85 Milliarden Dollar ausbezuelt als Kompensatioun fir extrem Wiederevenementer. Dat ass 20 mol méi wéi viru 40 Joer!

Kolleginnen a Kollegen,

Den OGBL steet fir Wäerter. Wäerter wéi sozial Gerechtegkeet, d'Rechter vun de schaffende Leit, Gesondheet a Sécherheet a gutt Léin fir jiddereen, e gutt Liewen, Gerechtegkeet.

An all dës Wäerter sinn a Gefor wa mir d'Klimakris net stoppen!!

An duerfir hält den OGBL sech de Klimaschutz och zum Opdrag. Mir sti fir Klimagerechtegkeet a fir eng gerecht Transitioun.

Mir wëssen datt d'Mënschheet méi verbraucht wéi nowiisst. D'Ressourcë sinn eben net onendlech, mee endlech.

Duerfir musse mir an eng karbonfräi Gesellschaft kommen, op eng Aart a Weis déi sozial ass a gerecht fir déi schaffend Leit an hir Familien, onofhängeg a wéi engem Land se gebuer sinn, an onofhängeg vun hirer sozialer Schicht.

De Klimaschutz däerf net méi vu groussen Deeler vun der Bevëlkerung als Luxussaach gesi ginn, déi um Enn vum Mount dozou féiert, datt nach manner Geld an der Täsch ass. Et dierf net sou sinn, datt virun allem déi Niddreg- a Mëttelakommen ënnert de Präiserhéijunge leiden. Klimagerechtegheet ass och eng Fro vu sozialer Gerechtegheet!

Duerfir muss den Ëmweltschutz am Mëttelpunkt stoen, och an der Aarbechtswelt, an dat an all eenzele wirtschaftleche Secteuren. Fir datt dat ka geléngen, muss elo direkt gehandelt ginn. An et musse Mesurë geholl gi fir d'Ofsicherung vun den Aarbechtsplazen. Mir brauchen eng Weiterbildung op der Aarbecht déi deem Rechnung dréit a prett mécht fir déi Verännerungen, déi komme wäerten.

A mir wëssen all, datt dat eppes kascht. An duerfir muss eng sozial gerecht ökologesch Steierpolitik gefouert ginn! D'Käschte musse gedroe gi vun deenen, déi d'Moyenen hunn. Gerechtegheet heescht, datt jiddereen no senger Méiglechkeete mat upeekt.

Et ass gutt, datt den ëffentlechen Transport elo gratis soll ginn, mee e muss och gutt sinn. E muss eng gutt Infrastruktur hunn a gutt organiséiert si fir et ëmmer méi Mënschen ze erlaben drop ëmzeklappen.

Et mussen nach méi ëffentlech Investitiounen gemaach ginn an erneierbar Energien, an Ekotechnologien an an d'Fuerschung.

A schlussendlech muss d'Energie an den Zougang zur Energie e Recht fir jiddereen sinn an duerfir muss et en ëffentlechen Déngscht bliwen.

Duerfir steet den OGBL säit Joren. Duerfir huet den Ëmweltschutz och seng Wichtegheet an eisem Programm.

Aus all deene Grënn ass et och logesch, datt den OGBL sech den Aktiounen ëm d'Klima vun deene Jonken an hiren Associatiounen Fridays for future/Youth for climate dëst Joer ugeschloss huet. Well dat Thema och ee wichtegt ass fir eis Gewerkschaft. An och well mer eng oppe Bewegung sinn, keng Randgrupp mat enger spezifescher Interessevertriedung. Mee den OGBL steet am Mëttelpunkt vun allen Interesse vun der Gesellschaft. A mir kënnen et nëmmen ënnerstëtze wa jonk Leit opstinn an sech wieren. Genee deen Engagement brauche mer fir virunzecommen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir hu vill Aarbecht virun eis. An haut den Nomëtte wäert de Frédéric eis Kongressprogrammatik virstellen. Dat sinn eis politesch Prioritéite fir déi nächst 5 Joer.

D'Schwéierpunkte vun eiser politescher Aarbecht. Ouni wëlle virzepräifen ass de Programm esou opgebaut, datt en d'Wichtigkeet an d'Fuerderunge vum OGBL an alle Liewenslagen a vun all Alter weist, vun der Kandheet, iwwer d'Erwuesseneliwe bis hin zum Liewen am Alter. Et ass mer op dëser Plaz definitiv net méiglech op all Sujet eenzel anzegoen. Duerfir hu mer jo d'Programmdokument an d'Virstellung de Mëtten.

Dat geet u mat de politesche Positionen zu der Kannerbetreung, iwwer d'Schoulwiesen, den Antrëtt an d'Beruffsliewen, all eise Fuerderungen zum Emploi an der Aarbechtswelt, bis zum Familljeliewen. Dozou gehéiert och d'Wunnen. D'Regierung muss endlech handelen. Et kann net sinn, datt et ëmmer méi onméiglech gëtt eng Wunneng zu Lëtzebuerg ze fannen.

Den OGBL ass onofhängeg, fir jiddereen do an domadder natierlech géint Diskriminéierung an alle Formen. Seng politesch Positionen op nationalem, europäeschem an internationalem Plang fannen sech an deem Programm erëm. Natierlech och d'Roll vum OGBL an der Verdeedegung vun de Leit deenen et net sou gutt geet an eiser Gesellschaft, deene Schwaachen an och de Kranken a Fleegebedierfteen.

Bis hin zum OGBL a sengem stännegen Asaz fir e gudden ëffentleche Pensiounssystem.

Wéi gesot, et ass mer net méiglech op all eenzele Punkt haut de Moien anzegoen. De roude Fuedem ass awer e staarke Sozialstaat. Dee Sozialstaat, an seng ëffentlech Sozialversécherungssystemer, ass fir d'Salariat a seng Gewerkschaft dat wichtegst wat et nieft dem Loun an den Aarbechtsbedingungen ze verdeedege gëtt. Mir wäerten eis hei ëmmer géint all Ofbau widdersetzen.

D'Zukunft ass de fortschrëttleche Sozialstaat an ass eng gutt ëffentlech Sozialversécherung. Fir eis a fir eis Kanner.

Dozou gehéiert och eng gutt Fleegeversécherung. Eng beschtméiglech Gesondheetsversuergung, mat engem Zougang fir jiddereen, keng Zwouklassemédezin, gutt Leeschtunge vun héijer Qualitéit a genuch qualifizéiert Personal.

Dozou gehéiert awer och d'Ofsécherung vun enger héijer Liewensqualität am Alter. Et ass nämlech erschreckend ze gesinn, datt Lëtzebuerg an Europa eent vun de Länner ass wou d'Liewensqualität vun eelere Leit staark ofgeholl huet. Duerfir fuerdere mir eng Politik zu Gonschten och vun de Senioren an eiser Gesellschaft, mat gudden ëffentlechen Déngschtleeschungen, mat Hëllefstellunge fir déi nei digitaliséiert Demarchen, wéi z.B. E-banking oder Guichet.lu. Mat neie Forme vun intergenerationellem Wunnen, mat extra Formatioune fir déi eeler Leit asw.

Schlussendlech ass ee vun den Haaptpillere vun eiser sozialer Sécherheet, eise gudden ëffentleche Pensiounssystem.

En ass eng vun de groussen Errongenschafte vum Salariat, e steet am Mëttelpunkt vun der Ëmverdeelungsfro, an awer gëtt e stänneg attackéiert. Souwuel vun Europa wéi vum Patronat. An dat ass inakzeptabel.

Mam OGBL kënnt et zu kenger weiderer Verschlechterung vun eise Pensiounen. D'finanziell Verflechtung vum Staat a vun de Betriber v-à-v vun eisem Pensiounssystem muss intakt bleiwen.

D'Pensioun ass do fir no engem laangen Aarbechtswegen e gutt Liewen ze garantéieren, an dat sou laang wéi méiglech. Den Antrëtt an d'Pensioun däerf keng materiell Verschlechterung mat sech bréngen. Haut net a muer net.

Kolleginnen a Kollegen,

Ee vun de Schwéierpunkte vun eiser politescher Aarbecht huet ëmmer geleeën, läit a wäert ëmmer leien op dem Kampf géint Ongläichheeten! Weltwäit kann ee soen, datt d'Verdeelungsschéier ëmmer méi ausernee geet.

An hirem järeleche Bericht weist déi brittesch Hëlleforganisatioun d'Oxfam och dës Kéier drop hin, datt d'Fortune vun deene Räichen net ophält mat klammen. D'Milliardären si méi räich wéi jee, an de Räichtum ass ëmmer méi konzentréiert. D'Lescht Joer hu just 26 Leit, physesch Persounen, dat ass souvill wéi eng Rei hei am Kongress, souvill besuess wéi d'Hallschent vun der Mënschheet, där et net sou gutt geet. Dat si 26 Leit, déi méi besëtze wéi 3,8 Milliarde Leit!

Dat gëllt fir d'ganz Welt, an et betrëfft eis och. Et ass e Skandal, datt mir als e räicht Land wéi Lëtzebuerg ëmmer méi en héijen Aarmutsrisiko hunn. Wirtschaftlech a finanziell gesinn, geet et dem Land ëmmer besser, mee d'Ongläichheete klammen. Mir hunn eng gutt Konjunktur, awer d'Ëmverdeelung funktionéiert net.

All d'Indicateure weisen an déi dote Richtung. Een dovun ass de Ginikoeffizient, wat zwar e bësse méi abstrakten, mee awer international unerkannten Indicateur fir d'Ongläichheeten ze moossen, ass.

E variéiert ëmmer nëmme tëscht 0 an 1. Am Extremfall, wou jiddereen deselwechte Revenu hätt an engem Land, wier de Gini bei 0. Den aneren Extrem ass 1, wat géing heeschen, datt een alles huet, an all déi aner guer näischt. Souwäit si mer nach net, mee d'Tendenz ass awer wéi gesot beonrouegend.

De Ginikoeffizient läit hei zu Lëtzebuerg iwwer dem europäeschen Duerchschnëtt. D'Zuelen, déi weisen, datt d'Schéier tëscht den héije Léin an de niddrege Léin ëmmer méi wäit ausernee geet, ginn an déiselwecht Richtung.

Virun 10-15 Joer ware mer nach um skandinaveschen Niveau, also relativ niddreg, wat d'Ongläichheete betrëfft; haut si mer iwwerduerchschnëttlech héich. Den "Triple AAA social" hu mer scho laang verluer!

Den Aarmutsrisiko läit bei iwwer 18% hei zu Lëtzebuerg an dat ass einfach net akzeptabel.

30% vun de Menagen hunn eegenen Aussoen no Problemer fir um Enn vum Mount d'Enner beieneen ze kréien, Tendenz steigend.

Speziell bei verschiddene Kategorië vu Leit, läit Lëtzebuerg besonnesch schlecht am internationale Verglach wat den Aarmutsrisiko ubelaangt: bäi de Famille mat Kanner, speziell bäi den Elengerzéienden, bäi de Chômeuren, bäi de Locatairen an och bäi de Salariéen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Deen, deen Aarbecht huet, muss kënne gutt vu senger Aarbecht liewen. Duerfir ass eis Fuerderung vun den 10% Erhéijung vum Mindestloun méi wéi gerechtfäerdeg Kolleeginnen a Kolleegen.

Och déi sozial Transferte gi leider net méi duer fir d'Ongläichheeten hei zu Lëtzebuerg opzefänken.

Zwar ginn et ëmmer méi Naturalleeschungen, mee vun deene kann nach laang net jidderee profitéieren, notamment och oft d'Frontalieren net. Dat ass e fundamentale Problem fir eis als OGBL, wann d'Regierung bewusst oder onbewusst eng Politik mécht, sief dat bäi de Steieren, sief dat bäi de Sozialleeschungen, op Käschte vun de Frontalieren. Een, deen zu Lëtzebuerg schafft an seng Steiere bezilt, muss och vun deene selwechte Leeschtunge vum Sozialstaat profitéiere kënnen.

Bäi den Ongläichheeten hunn ech gesot, datt besonnesch och Famille mat Kanner méi en héijen Aarmutsrisiko hunn. Kee Wonner, d'Kannergeld ass zënter 2006 net méi ugepasst ginn. Zënter 2006! Dat bréngt e Wäertverloscht vun iwwer 20% mat sech! Zousätzlech ass d'Kannergeld souguer duerch d'Reform 2015 an der Moyenne erofgaange fir déi Kanner, déi no der Reform op d'Welt komm sinn. Da brauch een sech net ze wonnere wann den Aarmutsrisiko méi héich ass.

Ech erënneren do och un den Accord vun 2014, dee mer als Gewerkschafte mat der Regierung ënnerschriwwen hunn. Do steet dran, datt d'Kannergeld erëm reegelméisseg un d'Lounentwécklung soll ugepasst ginn.

Madamm Cahen, mir waarden nach ëmmer drop! D'Regierung muss sech un hir Verspriechen halen! Et geet elo net méi duer fir kuerz virun den Walen erëm d'Kannergeld ze indexéieren. Hei besteet méttlerweil e strukturellen Nohuelbedarf an do muss direkt agéiert ginn. D'Sue sinn do.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ee wichtegt Instrument fir d'Ëmverdeelung ze maachen, fir d'Ongläichheeten ze reduzéieren, fir méi Gerechtegkeet ze schafen, ass natierlech d'Steierpolitik.

D'Steierreform vun 2017 war e klénge Schrëtt an déi richteg Richtung. Fir de Finanzminister war se déi gerechtste Steierreform déi et jee gouf. Dat gesi mir anescht.

Fir d'éischt muss erëm en Equiliber hiergestallt ginn tëscht deem wat d'Betribber u Steiere bezuelen a wat d'Menage bezuelen. D'Contributioun vun de Betribssteieren zu de Staatsfinanze klëmmt wesentlech manner wéi déi vun der Lounsteuer oder der TVA; obwuel d'Beneficer natierlech net méi lues klamme wéi d'Gehälter.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech schwätzen hei vun deene grouss Betribber, déi déck Beneficer maachen a mat der Hëllef vu spezialiséierte Consultingsboiten et fäerdeg brénge quasi keng Steieren ze bezuelen. Am Géigesaz zu lokale klenge Betribber.

Dat ëmmer weider erofsetze vun dem Taux vun der Betribsbesteuerung kann net méi virugoen. Dat ass e Faass ouni Buedem. An et kann een och als Betrib net alles hunn: gutt a modern Infrastrukturen a gläichzäiteg sou mann wéi méiglech dozou bäidroe fir se ze finanzéieren.

Eng zweet grouss Ongerechtegkeet am Steiersystem ass den Ënnerscheid tëscht der Besteuerung vu Kapitalerträg a vun de Salairen. Eise Steiersystem léisst et zou, datt eng Persoun, déi 50.000 Euro d'Joer Kapitalerträg huet, 5 mol manner Steiere bezilt wéi eng Persoun, déi e Salaire vu 50.000 Euro d'Joer huet.

Wien kann do nach seriö vun engem gerechte Steiersystem schwätzen?

- Dividende ginn nëmmen zu 50% besteiert.
- Béi Kapitalerträg gëtt et e Steuerfräibetrag vun 1.500 Euro; 3.000 an der Steuerklass 2.
- Stock-options ginn net op hire volle Wäert besteiert.
- Plus-value'en bei Aktieverkeef ginn iwwerhaupt net besteiert wann een d'Aktien eng gewëssen Zäit hält.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Domadder muss Schluss sinn. Steiergerechtegkeet gesäit anescht aus. Och déi héich Gehälter ginn net héich besteiert zu Lëtzebuerg. Mir hu virun allem an eisem Barème nach ëmmer de sougenannte Mëttelstandsbockel dran, dee mat sech bréngt, datt d'Progressivitéit vun der Besteuerung virun allem fir duerchschnëttlech Léin spillt, a fir déi héich Salairë praktesch net méi existéiert.

Duerfir ass et ëm sou méi wichteg, datt och de Barème reegelméisseg un d'Inflatioun ugepasst gëtt.

Fir déi grouss Steuerreform, déi ugekënnegt gouf bleiwe mer derbäi: eis Haaptfuerderung ass méi Steiergerechtegkeet: méi eng staark Besteuerung vu Kapitalerträg, eng Entlaaschtung vun niddregen a mëttleren Akommen, eng reegelméisseg Upassung vum Barème un d'Inflatioun, weider Mesurë fir d'Monoparentaux'en ze entlaaschten.

D'Individualiséierung ass fir eis e wichtege gesellschaftlechen Aspekt: mee och si dierf net derzou féiere méi Steierongerechtegkeet ze schafe wéi bis elo schonn do ass an si dierf virun allem och net derzou féieren, datt niddreg a mëttel Revenue méi Steiere bezuele wéi bis elo.

Sou eng Steuerreform ass mat eis net ze maachen!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Déi gréissten Ongerechtegkeete ginn et awer emol net onbedéngt beim Akommes, mee éischer beim Patrimoine, beim Besët also. An och do glänzt Lëtzebuerg net grad duerch Steiergerechtegkeet.

En Impôt sur la fortune gëtt et net méi, mir fuerdere schonn zënter laangem, datt deen erëm muss agefouert ginn.

Mir mussen och driwwer nodenken, fir eng Besteuerung anzeféiere bäi den lerschaften en ligne directe. Natierlech geet et hei net drëm fir déi Normalstierflech ze besteieren. Grouss Fräibeträg missten agefouert ginn, sou datt natierlech d'Haus vun den Elteren an déi normal Erspuernesser vun Duerchschnëttsverdenger steierfräi bleiwen. Mee wann een 10, 20 oder 30 Milliounen ierft, da mengen ech wier et schonn ubruecht, datt een e puer Steieren drop bezilt. Soss brauche mer vu Steiergerechtegkeet guer net ze schwätzen.

Här Gramegna, il y a du pain sur la planche, wa mer wierklech e gerechte Steiersystem wëllen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Am Logement geet guer näischt méi. Déi eng verscholden sech quasi fir hiert ganzt Liewen, déi aner beräicheren sech ouni e Fanger kromm ze maachen.

Mir hunn do wierklech eng Situatioun wou e puer Wéiniger bal alles besëtzen. D'Zuele vum Observatoire de l'habitat sinn erschreckend. Bal 3.000 Hektar Bauterrain ginn et zu Lëtzebuerg. Déi hunn insgesamt e Wäert vun 20,7 Milliarden Euro an dovunner gehéiere 65% Privatleit, also e Wäert vun 13,5 Milliarden.

25% vun deenen 13,5 Milliarde verdeelen sech op 159 Persounen, dat heescht, déi 159 Persounen hunn Terrain fir ongeféier 21,4 Milliounen Euro op de Kapp.

Hei muss d'Politik elo wierklech de Courage hunn an endlech Neel mat Käpp maachen a fir Gerechtegkeet a bezuelbare Wunnraum suergen.

Déi Politik vun deene leschte Joren, déi duerch steierlech Ureizer probéiert d'Offer eropzesetzen ass kolossal gescheitert.

Si huet just derzou gefouert, datt méi spekuléiert gëtt an d'Gewënner manner besteiert ginn.

Den OGBL huet schonns säit e puer Méint Pisten opgezeechent wat muss gemaach gi fir méi Terrain op de Marché ze kréien a fir d'Spekulatioun anzedämmen:

- Déi sougenannte FIS'en, spezial Investmentfongen, gehéieren ofgeschaaft.
- E progressiven Impôt foncier fir Groussgrondbesëtzer muss kommen.
- Eng seriö Tax op eidele Wunnengen an op Bauterrainen, déi brooch leie muss op nationalem Niveau agefouert ginn.
- Plus-value'en op de Gewënner mussen normal besteiert ginn.
- De Staat muss sech d'Moyene ginn, juristesch a budgetär, fir méi Bauterrainen a säi Besëtz ze kréien.
- Et muss massiv an de soziale Wunnengsbau investéiert ginn.
- De Mechanismus vum Plafonnement vun de Loyere muss verbessert an da seriö applizéiert ginn.
- Déi ekologesch Hëllef mussen endlech sozial gestaffelt ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Wunnen ass e Grondrecht a mir mussen erëm dofir suergen, datt jiddereen sech kann eng Wunneng leeschten. Hei zu Lëtzebuerg an awer och an der Grenzregioun. An duerfir gi mir net no op deem Thema. A mir wäerten do an den nächste Wochen a Méint eng ganz Campagne dozou maachen an net labber loossen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Eis Welt ännert op ville Punkten, mee d'Enjeue fir d'Gewerkschaften bleiwe grous.

Et ass oft widderholl ginn an et ass awer och wouer, eis Aarbechtswelt ass am gaangen sech ferm ze veränneren.

Et wäerten nei Opportunitéiten opgoen an et kommen awer och Geforen op eis duer. An zesumme wäerte mer kämpfen, fir datt:

- De klassischen Aarbechtsvertrag net zu enger Ausnam gëtt, mee au contraire den Normalfall bleift!
- An der Zukunft net soll vun iwwehall an ëmmer geschafft ginn.
- D'Zukunft vun der Aarbechtsrelatioun net a prekäre CDD'en, a "faux indépendants"-kontrakter, asw läit.

Mir wäerten och fir all Aarbechtsplazen, déi duerch d'Digitaliséierung ewechfalen, kämpfen an eis asetze fir gutt, séier a präventiv Ëmschoulungen a Weiderbildungen op der Aarbechtsplaz.

All zesumme mussen mir eis als OGBL op déi dote Situatiounen preparéieren. Sécher ass d'Digitaliséierung vun der Aarbecht eng vun de grousse Erausforderunge vun deem Zäitalter fir d'Gewerkschaften.

D'Digitaliséierung ass e schläichende Prozess, dee vun der Silicon Valley a senge Big Four (Google, Amazon, Facebook, Apple) ouni Récksiicht op Verloschter weider ugefouert gëtt. Mir kréien dee Phänomen do mat Sécherheet net méi gestoppt. Mee déi grondsätzlech Fro, déi sech stellt ass déi: Wéi kënne mir als Gewerkschaft dee Prozess esou matgestalten, datt déi sozial Rechter vun de Salariée verdeedegt a weider ausgebaut ginn?

Wéi kënne mir eng weider Entfriemung vun der Aarbecht verhënneren a wéi kënne mer am beschte gutt Aarbechts- a Lounbedingungen an der digitaliséierter Welt schafen?

An dëser massiver Verännerung déi do gesellschaftlech, technologesch, an och ekonomesch op eis duerkennt, musse mer eis natierlech och d'Fro stellen, wéi gëtt den Aarbechtsmaart ugepasst? Wéi verhënnere mer, datt Salariéen an d'Prekaritéit respektiv an d'Aarbechtslosegkeet falen.

Kolleginnen a Kollegen,

Den OGBL fuerdert an dësem Kontext e gesamte Plan de Sécurisation du Parcours Professionnel, dee muss am Code du travail verankert ginn.

Vun der obligatorescher Aféierung vun engem Bilan social an de Betriber fir präventiv ze verhënneren, datt dësen an eng Katastroph steiert, zu enger Verbesserung vum "Licenciements économiques"-Gesetz, vum "Plan de maintien dans l'Emploi"-Gesetz, vum "Plans sociaux"-Gesetz a vum "Faillite"-Gesetz.

Nieft der Automatiséierung vun der Aarbechtswelt an hiren Impakter, kënn awer och déi vill diskutéiert Flexibilisatiounsdiskussioun. Mat deenen neien Aarbechtsmodeller ass et ab elo méiglech „flexibel“ ze schaffen, d.h. komplett mobil, onofhängeg vu Raum an Zäit.

D'Froe vun der Harmoniséierung tëscht Aarbechts- a Familjeliewe sinn also méi aktuell wéi jee.

Onreegelméisseg Aarbechtszäiten, ëmmer méi Flexibilitéit, ëmmer disponibel sinn, méi intensiv Aarbechtsbelaaschtung, ëmmer iwver Handy an Tablet verfügbar sinn. Alles dat mécht et ëmsou méi noutwendeg de Salarié vun haut a muer bäi der Organisatioun vu senger Aarbechtszäit ze schützen. Duerfir suergt den OGBL dofir, datt innovativ Modeller vu work/life balance kënnen iwver Kollektivvertrag verhandelt ginn.

An duerfir muss och d'Fuerderung vun enger Aarbechtszäitverkierzung mat vollem Lounausgläich erëm an de Virdergrond geréckelt ginn. Duerch eng Verkierzung vun der allgemenger Aarbechtszäit kann ee verhënneren, datt d'Leit krank ginn duerch d'Aarbecht. An et ass e Mëttel fir nei Aarbechtsplazen ze schafen. Et ass wirtschaftlech genuch Handlungsspillraum do fir schrëttweis d'Aarbechtszäit ze verkierzen ouni Lounverloscht.

Och den Télétravail wäert an Zukunft ëmmer méi zouhuelen. Net an all Beruff an an all Secteur ass den Télétravail méiglech. A mir mussen och warne virun den Nodeeler vun sou Aarbechtsmodeller. Nieft der Gefor vun der Isoléierung, dem Verwëschen tëscht wat ass

Aarbecht a wat ass Privatliewen, dem Mangel u Kontakt zu den Aarbechtskolleegen, ginn et an eisem Land grouss Barrière fir Téléaarbecht, well déi bilateral Ofkomme mat den Nopeschlänner net harmoniséiert sinn an esou d'Grenzgänger benodeelegt si wat d'Besteuerung an d'sozial Versécherung ubelaangt.

Erlaabt mer awer och e Kommentar zu de Risike fir d'Gesondheet vun den neie mobilen Technologien. Et ass bewisen, datt Leit déi en héijen Niveau vun Digitalisatioun an hirer Aarbecht hunn, vill mat Stresssituatioune geplot sinn. D'Aarbechtsintensitéit an de stännegen Zäitdrock kënnen ee krank maachen op der Aarbecht.

Oft kënt dobäi, datt een sech an der Fräizäit psychologesch net ka lassléise vu senger Aarbecht, datt een net kann ofschalten an d'Aarbecht mol vergiessen. An dat bréngt Gefore fir déi physesch a mental Gesondheet mat sech. Wann d'Grenzen tëscht dem Beruffs- an dem Privatliewen ëmmer méi verwëschen, ass dat net gutt weder fir dat eent nach fir dat anert.

Aus deem Grond maache mer eis am OGBL Gedanken zur Fuerderung vun engem Recht, voir zu enger Flicht zur Deconnectioun. Déi warscheinlech bescht Methode wier déi, dem Salariaé a senger Fräizäit den Accès zu senge Mailen ze ënnerbannen. Mee och aner Methode kënnen hëllef fir d'Deconnectioun no der Aarbecht ze reglementéieren.

Wichtig ass, datt déi Reegelen iwwer Kollektivverträg oder Accord interprofessionnel agefouert ginn.

Nëmme mat gereegelten Aarbechtszäiten an unerkannten Iwwerstonnenregelunge kënnen mer eis virun deene Gefore schützen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

De Sozialdialog muss gestärkt ginn. Jidderee weess et a jidderee seet et. Souguer eng OECD ënnersträicht d'Wichtigkeet vum Sozialdialog. Déi Europäesch Traitée gesinn explizitt d'Stärkung vum europäesche Sozialdialog fir.

Zu Lëtzebuerg diskutéiere mer am Moment iwwer eng nei Verfassung. De Sozialdialog ass dat wichtegst Element fir d'Gestaltung vun eiser Wirtschaft an eiser Gesellschaft. D'Salariat huet e Recht op Matbestëmmung. Mir brauche méi Demokratie an der Aarbechtswelt. Awer och soss an eiser Gesellschaft. Duerfir gehéiert de Sozialdialog an d'Verfassung.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den OGBL, d'Gewerkschaften allgemeng, sti viru groussen Erausforderungen, sinn am Wandel, müssen sech upassen un nei Gegebenheeten. Och mir müssen nei Methoden entwéckelen, al Denkschemaen iwwerdenken, eis moderniséieren an eis Aarbecht och „un de Mann an un d'Fra“ bréngen.

Awer eng vun eisen Haaptaufgaben ass a bleift d'Verhandelen an d'Ofschléisse vu Kollektivverträg. Mee d'Couverture vun eise Kollektivverträg geet net duer. Nach ëmmer sinn et méi wéi 50% vun de Betriber hei zu Lëtzebuerg déi net ënner e Kollektivvertrag falen. Dat kann an därerf net esou bleiwen.

Den OGBL fuerdert gutt Léin fir jiddereen. Dat kann nëmme iwwer Kollektivverträg geschéien! Gutt Léin kritt een net geschenkt wéi dir all wësst, mee si mussen erkämpft ginn. Och gutt Aarbechtsbedingungen, uerdentlech a sécher Aarbechtsplazen, Formation continue, Sécherheet a Gesondheet, Aarbechtszäiten, Congéen asw. ginn iwwer Kollektivvertrag verhandelt.

D'Kollektivvertragsgesetz vun haut geet net méi duer. Et muss verbessert ginn.

De Fait, datt mer a souvill Betriber nach kee Kollektivvertrag hunn, weist och drop hin, datt dat Gesetz muss reforméiert ginn. Dausende Salariéen a ville klengen a mëttlere Betriber kënnen ni an de Genoss vun engem Kollektivvertrag kommen, well mer ganz objektiv gesinn, d'Méiglechkeet als OGBL net hunn déi ze verhandelen. Duerfir muss d'Gesetz dohigehend reforméiert ginn, datt sektoriell Brancheverträg gefërdert musse ginn!

Mir brauchen hei dringend eng Reform déi gewerkschaftlech Rechter stäerkt an eist Zil ass: e Kollektivvertrag fir jiddereen!

Och déi gesetzlech Prozedure mussen iwwerduecht ginn, d'Schlichtungsverfahren, d'Streikrecht, d'Definitioun vu "cadres supérieurs" asw, asw.

Kolleeginnen a Kolleegen,

All des Erausforderunge vun der neier Aarbechtswelt betreffe jiddereen. Souwuel déi schaffend Leit, wéi d'Entreprises. An si mussen all agebett ginn an enger staarker, schützender reformierter Aarbechtsgesetzgebung.

A genee dat muss elo fir d'Zukunft vun eisem Land diskutéiert ginn. Dialogéiert a verhandelt. Am Sozialdialog tëscht de Sozialpartner.

Dat war ëmmer, an ass haut nach d'Stärkt vun eisem Land, vun eisem Lëtzebuerger Sozialmodell. Och wann d'UEL der Meenung ass, datt de Sozialdialog iwwer 40 Joer hinnen näischt bruecht huet, wësse mer, datt de soziale Fridde wéi mer en hei zu Lëtzebuerg fleegen, ganz au contraire zu anere Länner, genee dat Resultat ass vum Sozialdialog.

Iwwer 40 Joer war de Sozialdialog vun engem onschätzbare Wäert fir d'sozial en d'ekonomesch Entwécklung hei am Land.

Den OGBL versicht ëmmer un éischer Plaz d'Interesse vun de Schaffenden iwwer de Verhandlungswee ze verrieden.

Dofir wëlle mir de sozialen Dialog. Virun der sozialer Konfrontatioun. Sozialen Dialog ass en anert Wuert fir verhandelen. Fir Kompromësser ze fannen. Wann dat net méiglech ass, da kënnt et zum Konflikt. An och fir de Konflikt ass den OGBL prett.

Et ass gëschter schonns vill driwwer geschwat ginn, duerfir halen ech mech kuerz op deem Punkt: den OGBL hält um Tripartite-Modell fest.

An dat huet en imposant gewise mat senger staarker Manifestatioun vum 19. November 2019. Déi 2000 Militanten hu gewisen, datt et net laanscht d'Gewerkschafte geet, wann et drëms geet d'Aarbechtswelt ze gestalten. Mir hu gewisen, datt d'Leit sech hir gewerkschaftlech Rechter net vun enger Patronatsverriedung ewechhuele loossen.

An nach eppes hu mer den 19. November gewisen: déi 3 national representativ Gewerkschafte stoungen enk zesummen. Am Interesse vun de schaffende Leit an hiren Famillen. D'Salariat wëll keng Schwächung duerch Spaltung, weder am Betrib nach um nationale Plang.

An och 40 Joer no der Grënnung vum OGBL wäert den OGBL all Ustengunge maache fir d'Leit an enger eenzeger a staarker Gewerkschaft ze organiséieren. An net méi spéit wéi gëschter ass e wichtege Schrëtt passéiert.

Mir kënnen houerfreg drop sinn nach méi no mat de Kollegen a Kolleeginne vum Landesverband zesummenzeschaffen.

Kolleeginnen a Kollegen,

Nëmmen zesummen si mer staark. Egal wou mer wunnen, wie mer sinn, wéi eng Hautfaarf, Relioun oder politesch Orientéierung mer hunn. Mir sinn all am OGBL vertraueden.

All Dag sinn iwwer 200.000 Leit déi hiert Land moies verlosse fir op Lëtzebuerg schaffen ze kommen. Et ass hei zu Lëtzebuerg wou déi Kollegen a Kolleeginnen hir Steiere bezuelen an hir Cotisations sociales. Si droen domadder zu engem groussen Deel zum Räichtum vun eisem Land bäi. Zu der Finanzéierung vun eisem Sozialstaat an och vun eiser Sécurité sociale.

Den OGBL fuerdert, datt all d'sozial Rechter sech un all Salarié gläichermoossen, an ouni Diskriminéierung applizéieren, onofhängeg wou se wunnen oder wéi eng Nationalitéit se hunn. An datselwecht gëllt fir eng Gläichbehandlung punkto Steierpolitik tëscht Resident a Frontalier.

An och wat de gratis ëffentlechen Transport ugeet, dierfen déi dausende Grenzgänger net benodeelegt ginn. An duerfir fuerdert den OGBL, datt dës Gratuitéit bis op déi éischte Garen an den Nopeschlänner ausgeweit gëtt.

Mir wëllen, datt d'Regierung Gesetzer mécht a bilateral Accorde mat den Nopeschlänner ageet, wou all Situatioun wou de Frontalier géing benodeelegt ginn, verhënnert gëtt.

An aus all deene Grënn müssen eis Grenzgängerstrukturen am OGBL gestärkt ginn. Och déi bestoend Strukturen an der Groussregioun, wéi z.B. de Conseil syndical interrégional müssen duerfir ausgebaut ginn.

Lëtzebuerg huet méi wéi d'Hallschent vu senger Main-d'oeuvre aus dem Ausland. Duerfir gëtt et och héich Zäit, datt d'Frontalieren unerkannt a gewäertschätzt ginn. Frontalieren an d'Residenten däerfen net ënnerteneen duerch d'Politik gespléckt a géintenee gehetzt ginn. Au contraire, déiselwecht Rechter musse fir eis alleguer ouni Ënnerscheed zielen!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Et ass mir och perséinlech wichteg, datt den OGBL vun der Zukunft déiselwecht Wichtigkeet op Gläichbehandlung tëscht Mann a Fra leet. Et ass inakzeptabel, datt am 21ste Joerhonnert, an engem vun de räichste Länner op der Welt, d'Fraen nach ëmmer manner verdénge wéi d'Männer fir eng gläichwärtig Aarbecht.

Gläichbehandlung ass leider nach ëmmer net erreecht, souwuel an der Aarbechtswelt, wéi och an der Gesellschaft. Chancëgläichheet a Bedingunge schafen, wou all Fra selbststänneg kann iwwer hir Liewensplanung entscheiden. Dat müssen eis Ziler sinn. Wirtschaftlech Onofhängegkeet muss de Moossstaf sinn.

An duerfir wäert den OGBL sech och weiderhi géint all ongläich Behandlung tëscht Mann a Fra asetzen.

An och hei, an ëmmer erëm sinn et d'Kollektivverträg, déi de beschte Moyën si fir d'Loungerechtegkeet ze kämpfen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech si mer vollstens bewusst, datt all dat hei nëmmen e puer vun de Challenge sinn, déi op eis waarden. International, europäesch an national ginn et politesch Defien. D'Gesellschaft u sech gëtt ëmmer méi komplex. D'Globaliséierung, d'Digitaliséierung, den demographesche Wandel, d'Individualiséierung an eiser Gesellschaft vu klengem un, e fragmentéierten Aarbechtsmaart mat engem Wandel vun der Produktioun an de Serviceberäich maachen eis et an Zukunft mat Sécherheet net méi einfach.

D'Gewerkschaftsbewegung steet virun neien Erausforderungen. Mir sinn de Constructeur d'avenir. D'Zukunft gehéiert eis.

A mir huelen dat un, all zesammen.

A mir kënnen et. Gëschter hu mer den Tätigkeetsbericht vun der leschter Mandatsperiod gesinn, an do hu mer gesinn, datt mer eng ganz Rei Erfolleger kënnen verbuchen. Mir sinn op wesentleche Punkte weiderkomm.

Mir hu vill erreecht a mir hunn déi Versprieche, déi mer um leschte Kongress gemaach hunn, gehalen. Mir hunn eis wéi versprach ëm d'Aarbechtszäite gekëmmert. An all zesummen, iwwer d'Verhandlung an och iwwer de Wee op d'Strooss, hu mir et fäerdeg bruecht eis Fuerderungen zu engem groussen Deel duerchzekerien.

Datselwecht gëllt fir vill aner Sujeten an ech wëll iech all am Numm vum gesamten OGBL a senge Memberen e grouse Merci fir ären Asaz an all deene Jore soen.

Mir sinn duerch eng mouvementéiert Zäit gaangen, dat ass net ofzestreden. Deen ee Pilier vun eisem Kärgeschäft, eis Berufssyndikater hunn och vill erlieft des Mandatsperiod. Mir stinn an alle Strukture vum OGBL virun neien Erausforderungen.

An och an eise Syndikater hu mer politesch gewielten Zentralsekretären, hir bäiguerdent Sekretären zesumme mat hire Syndikatsleitungen, déi mega vill geschafft hunn. Si si mat dem wandelnden Aarbechtsmaart konfrontéiert a mat allen Defien, déi mer des 2 Deeg hei diskutieren a bréngen den OGBL all Dag duerch hiren Asaz e Stéck weider. Mee och an dese Strukturen hu mer e Generatiounslach an eisem Staff. Mir hu vill Sekretären, déi scho laang dobäi sinn, vill Erfahrung mat sech bréngen an awer och leider geschwënn, oder schonn, an der Pensioun sinn.

Ech wëll op dieser Plaz all deene Sekretären nach eemol Merci soe fir all hiren Asaz an hinnen eng gutt Pensioun wënschen.

Mir hunn awer och gutt rekrutéiert an deene leschte Joren an e puer nei, méi jonk Sekretäre konnten astellen, déi motivéiert a voller Elan un d'Saach eruginn an hinnen och Merci, dass si sech fir den OGBL entscheet hunn.

Mir haten dann och an de Syndikater vill Aktivitéiten an dieser Mandatsperiod, ech ginn elo net op alles an, well dofir hu dir och ären 300 Säiten Tätigkeetsbericht fir alles nozeliesen.

Speziell ervirhiewe muss ech, a wëll ech, awer eis grouss Mobilisatiounen an hei och d'Engagement vun eisen Delegierten an e puer Secteuren. Mir haten eng ganz Mobiliséierungsphase am Secteur vum Bau. Hei hunn d'Kollegen an d'Kolleeginne misse vill streiden, verhandelen, mobiliséiere bis zu enger Groussdemonstratioun an der Stad. Si hunn et dann duerch hiren Asaz och fäerdeg bruecht, dass no Jore Sträit endlech e gudden Kollektivvertrag konnt ofgeschloss ginn.

Datselwecht kann ech dann awer un, net méi mäin, Syndikat Gesondheet a Sozialwiese weiderginn. Si hate wuel déi schwierigst a mobilisatiounsräichst Phase zënter ganz laangem. Ugefaange mat klengeren Aktiounen, och zesumme mam Syndikat öffentlechen Déngscht fir hir Opwärtung vun de Carrière bis zur imposanter Groussdemonstratioun an der Stad am Juni 2016. Duerno ass et weidergaange mam Gestreits bis et zum Ofschluss vun deenen 2 grouse sektorielle Kollektivverträge SAS an FHL koom, mat der Opwärtung vun de Carriären.

Si hunn och den éischte Streik am Flegesection missten duerchmaachen. An duerfir erlaben ech mer elo e ganz perséinleche Merci un all déi Leit, déi mat drun deelgeholl hunn, un all déi Leit, et sinn der och vill hei am Sall, déi matgeholl hunn an dobäi waren, mee ganz

besonnesch un déi Streikend. Et sinn der e puer hei am Sall. Dir sidd a bleift ëmmer fir mech grouss Virbillen. Merci, datt ech dat duerft mat iech erliewen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Verstitt, datt ech dat speziell hei wollt erwänen.

Mee dat bedeit net, datt mer manner Unerkennung fir all déi aner Beruffssyndikater an hir Aarbecht hätten. Dag fir Dag setzen sech Personaldelegéierten a Sekretären an, am Kampf fir e bessert Aarbechtswien.

Nei Strategien entwéckelen, Kollektivverträg, déi bestinn ofsécheren an Neier anzeféieren. D'Rechter an d'Acquise vun de schaffende Leit ze verdeedegen an auszubauen. Fir d'Ofsécherung vun den Aarbechtspulzen ze kämpfen. Fir berufflech a sozial Perspektiven ze garantéieren.

An all dës Aufgabe wäerte mir och an Zukunft mat all eise Moyenen an Energie meeschten, an dat an enger koordinierter Tarifpolitik am Sënn vun eise Memberen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

E ganz spezielle Merci geet dann awer och un all déi Leit, déi an de leschte Jore gehollef hunn den OGBL ze moderniséieren, ëmzestrukturéieren an nei opzestellen. Ech mengen dir wësst em wien et geet, eis Memberen a Komiteeën vun de Sektioneen.

Ech mengen mir sinn eis hei am Sall bewusst, datt dat keen einfache Match war an och nach ëmmer ass. Déi Decisioun vum Kongress 2016, de Modell vun de lokale Strukturen ze reforméieren, war och keng einfach Decisioun, mee mir sinn och hei enger Noutwendegkeet nogaangen. Eng Noutwendegkeet, eis fir eng schwéier Zukunft fit ze maachen. An eis de Realitéit vum Besoin vun eise Memberen unzepassen, am Sënn vum Member a fir eng optimal Notzung vun eise Ressourcen.

D'Salariat hei zu Lëtzebuerg huet eng enorm Entwécklung duerchgemaach, seng Geographie, seng Nationalitéiten, seng Qualifikatiounen, seng Beruffer hunn sech vu Grond op geännert.

A mir hunn eis missen upassen.

D'Sektionsreform war also eng couragéiert an noutwendeg Reform, eng schwéier, wou vill Frustratiounen opgeworf huet. 5 Joer laang ass vill geruddert ginn, geschafft an awer och gestriden. Mat engem ausserordentleche Statutekongress fir et méiglech ze maachen.

An awer hutt dir et fäerdeg bruecht mat Disziplin, Opgeschlossenheet, och enger gewëssener Sträitkultur an awer oft mat Fangerspëtzegefäll, iech eng nei Aarbechtsmethod ze ginn an e präzise Kalenner, a vun iwwer 60 Sektioneen op 23 erfuzionéieren. Zesumme schaffen, mateneen an net géinteneen, gemäss dem Motto vum OGBL. An dëser schwéiererer Aufgab hutt

dir net opginn a sidd bei der Saach bliwwen. An dir sidd wichteg fir den OGBL. No bei de Leit, si dir e wichtige Relais fir all eis Memberen.

An dofir e rise Merci un iech.

Ech denken haut och un eis Departementer, déi eng gutt a wäertvoll Aarbecht maachen. Mir feelt hei leider d'Zäit op d'Aarbecht vun hinnen anzegoen. Mee si sinn net vergiess. E grouse Merci och un iech.

A fir ofzeschléisse wollt ech awer deen drëtte groussen Träger vum OGBL net ausloossen. Wa mer vun „no bäi de Leit“ schwätzen, da si wuel si et, eis Sekretären aus dem sougenannte SICA, déi dat sinn.

All Dag mam Leed vun eise Memberen, mat hire beruffleche Schwieregkeeten an hirem Misär konfrontéiert, maachen si en onwarscheinlech wichtige Job. Mol Jurist, mol Blëtzofleeder, mol Psycholog, si sinn d'Visittekart vum OGBL v-à-v vun eise Memberen.

Ech si mer bewosst, datt net ëmmer alles einfach do ass, an datt mir och net ëmmer déi néideg Moyenen hunn hir Aarbecht optimal ze organiséieren, am Sënn vu gudden Aarbechtsbedingungen a gläichzäiteg vun engem optimale Service au membre.

Mee ech versprieche iech, mir schaffen och dodrun a versiche schnell, gutt an awer och durabel Léisungen ze fannen.

E grouse Merci och un iech fir ären alldeeglechen Asaz an awer och fir är Ausdauer a Gedold. Dir hutt d'Unerkennung vum gesamten OGBL.

Mir all zesumme sinn dat Ganzt. Mir all zesumme sinn den OGBL.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech weess, ech kann och op iech zielen. An dir kënnt och op mech zielen.

Ech soen iech nach eng Kéier Merci fir d'Vertrauen.

Vive den OGBL!